# Jeunesse sacrifiée

## 1940-1945




# Walferdange

# Krichserliefnësser vu Walfer Zwangsrekrutéierten

*vum Nicolas Feider*

Et hätt ee jo eigentlech hei iwwer d'Krichserliefnësser vu jiddferengem vun de Walfer Zwangsrekrutéierte schreiwe kënnen, op d'mannst vun alleguerten denen, déi déi grouss Chance haten, dee Krich ze iwwerliewen, an deem si, géint hire Wëllen an och géint all Völkerrecht, op der Säit vun de Preisen hiirt jongt Liewen hu misse riskéieren. Mä dat as haut nët méi méiglech, well eng Parti vun hinnen huet äis an der Tëschenzäit schon – leider vill ze fréi – fir ëmmer verlooss. Dat hätt och de Kader vun dëser Publikatioun gesprengt. Et kënnt nach derbäi, datt déi Erliefnësser sech a munneche Fäll ganz staark gläichen. De Szenario war jo méi oder wéineger ëmmer dee selwechten: Arbeitsdienst – Wehrmacht – militäresch Ausbildung – Asaz un der Front, meeschtens a Russland, mat all denen Entbierongen a Geforen, déi dat bedeit huet – ganz dacks och Lazarett – Krichsgefaangeschaft fir déi eng, Desertioun fir déi aner – asw. Mir hun äis duerfir nëmmen e puer Beispiller erausgräife wëllen, ma dës Beispiller stin do fir déi aner alleguer.

Fir wat dann elo grad dës puer Beispiller? Mä, entweder well mer si mat enger relativ gudder Dokumentatioun beleë kënnen, oder well si äis als repräsentativ erschéngen fir d'Erliefnësser vun enger ganzer Parti vu Walfer Zwangsrekrutéierten, z. B. fir déi, déi praktesch bis zum Enn vum Krich an de preiseschen Arméien am Frontasaz waren; oder fir déi, déi a Krichsgefaangenschaft gerode sin; oder och nach fir déi, déi als Refraktär am Ënnergrond gelieft hun.

Mir hun an dëse puer Beispiller natiirlech och nët all Erliefnësser vun dene betreffenden Zwangsrekrutéierte kënne festhalen. Mir hu versicht, haaptsächlech déi Erliefnësser ze beschreiwen, déi eng gewësse

Partikularitéit opweisen oder och nach iirgendwéi mat Walfer a Walfer Leit eng bestëmmte Relatioun hun.

Mir huelen un, datt eis Lieser dat verstin. Mir hoffe virun allem, datt eis Walfer Zwangsrekrutéiert an hir Familjen dat verstin, datt si an eise puer Beispiller op d'mannst och en etlech vun hiren egenen Erliefnësser erëmfannen an datt si also mat eisem Choix kënnen averstane sin.

En etlech vun denen Episoden, déi elo hei beschriwwe gin, fënnt een natiirlech an deem Text erëm, wou de Jos. Bour, ënner dem Titel „Sie erinnern sich", d'Erënnerunge vun den Zwangsrekrutéierten aus der Gemeng Walfer méi global behandelt.

* * *

Am Joer 1920 gebuer, huet de **Leo Brisbois** zu denen éischte Lëtzebuerger gehéiert, déi an d'Uniforme vum preisesche „Reichsarbeitsdienst" a vun der „Wehrmacht" gestach goufen.

Séng RAD-Zäit huet vum Oktober 1941 bis zum Abréll 1942 gedauert. An dene sechs Méint huet hien op dräi Plaze geleën: Hirschstein (Saarland), Kirchberg (Honsréck) a Worms. Zu Kirchberg, no bei Hermeskeil an Hinzert, war hie beim Bau vun engem neien RAD-Lager agesat. Hien hat demools schon d'Gefill, datt sech am Raum Hinzert eppes ganz Ongewéinleches ofgespillt huet. Zu Worms huet hien an enger Munitiounsfabrik geschafft, déi an enger fréierer Kalisalzgrouf, 460 m ënner dem Buedem, installéiert war. D'Aarbecht vun den RAD-Männer huet dra bestanen, d'Lorriën hin an hier ze drécken.

D'„Wehrmacht" huet sech de Leo den 18. Oktober 1942 geholl. Well bei den éischten Transporter vu Lëtzebuerger Jongen, vun der Hollerecher Gar aus op Tréier, d'Eisebunnswaggoë schon zerstéiert gi waren, gouf dee Grupp vun Zwangsrekrutéierten, zu deem och de Leo an de Josy Goebel vu Walfer gehéiert hun, mam Bus op Tréier bruecht. Vun do aus goung et fir d'éischt emol op Preussisch-Eylau an Ostpreisen fir d'Akledung a fir déi éischt Bekanntschaft mam militäreschen Drill. Kuurz duerno awer goung et virun a Lettland, wou déi eigentlech Ausbildung als Infanterist geschéie sollt.

Zu där Kasär, an där de Leo elo geland war, huet och e Stall mat ongeféier 80 Päerd gehéiert. Well de Leo als Bauerejong mat Päerd gutt ëmgoe konnt, gouf hien haaptsächlech als Stallkniecht, Fouermann a Reider agesat. Duerfir huet hie regelméisseg mat séngem Gespann och missen dorëmmer fueren, fir Hee a Stréi erbäizeschafen oder fir Transporter vun der Kasär op d'Eisebunnsgar a vun der Gar an d'Kasär



ze maachen. Sou gouf hien eemol och op d'Gar geschéckt, fir d'Tornësch ter vun engem Grupp Zaldoten ze lueden, déi do ukomm waren an ar d'Kasär arécke sollten. Dobäi koum dem Leo d'Iddi, fir op der Ga lëtzebuergesch ze schwätzen, fir de Fall, datt och Lëtzebuerger ënne denen „Neie" wären. Et hun sech der gläich och e puer gemellt, dorënne déi zwéi Walfer Raymond Goebel an Emil Lamesch, grad esou wéi de Jean Emringer vun Heeschdrëf. Sou hun alt nees dobaussen an de Friemd Walfer Jonge sech fir eng kuurz Zäit zesummefond, ir si dann un der Front ganz schlëmm Zäiten erliewe sollten.

Als Fouermann hat de Leo och den Opdrag krit, no der Kréschtfeie vun den Offizéier denen hir weiblech Gäscht vum KdF („Kraft durch Freude") mam Päerdsschlitt matzen an der Nuecht op d'Gar zréckzeféieren. Fir déi Gäscht ze verwinnen, goufen esouguer dem Chef séng zwéi Schëmmelen ugespant. De Wee war voll Schnéi an Äis. De Schlitt as hin an hier gerëtscht a krut op eemol e klengen Hiwwel ze paken. Hien huet sech e bësse gehuewen, an d'KdF-Medercher goufen alleguer an de Schnéi getippt. Vun deem ville Feiere mat den Offizéier waren d'Medercher awer esou am Stëbs, datt dësen onerwaarte Koplabunz an de Schnéi hinnen emol weider näischt ausgemat huet. Et deet dem Leo awer haut nach gutt, wann hie sech un dat ongewolltent „Wiesselbad" vun de preisesche Medercher erënnert.

Den 23. Januar 1943, op Groussherzoginsgebuurtsdag also, goung et nees zréck op Preussisch-Eylau, wou dem Leo séng Unitéit regruppéiert an och gestriizt gouf fir den Asaz un der Front. Dëst war, vum Abréll 1943 bis zum Juli 1943, déi grouss Kesselschluecht vu Leningrad. Während dëser ganzer Zäit loug de Leo mat engem Grupp vu siwen Zaldoten, dorënner de Gust Steffen vu Mënsbech, bestänneg an engem an deem selwechte Gruef, nëmmen 30 m vun engem anere Gruef ewech, an deem sech d'Russe verschanzt haten. Tëschent denen zwéi Grief louchen d'Läiche vu gefalenen däitschen a russeschen Zaldoten. Gläich nieft dem Leo séngem Lach loug déi ganzen Zäit déi vun engem Russ, an de Leo huet vun Dag zu Dag d'Progressioun vun hirer Verwesung verfollege kënnen. Den Terrain tëschent denen zwéi Grief war vu béide Säite vermint. Wann d'Russen hir Géigner och regelméisseg zum Iwwerlafen opgefuerdert hun, da war dat wéinst de Minnen praktesch awer onméiglech. Schon den éischten Dag, wou dem Leo séng Unitéit dës Stellung besat hat, war e Jong vu Bissen op esou eng Minn gelaf. Engem anere Lëtzebuerger, och vu Bissen, dee séngem Komerod Hëllef wollt leeschten, as dun dat selwecht Ongléck geschitt. Si waren allebéid op der Plaz dout.




*De Leo Brisbois (lénks) am RAD beim Exerzéiere mam Spued*



*Am RAD beim Schnéischëppen (ganz vir: Leo Brisbois)*





*Gruppephoto am RAD (zwete vu riets: Leo Brisbois)*

Déi kuurz Distanz tëscht denen zwou Stellungen hat allerdéngs als Virdeel, datt de schwéiere Beschoss, z. B. mat der „Stalinuergel" oder mam Granatwerfer, wäit iwwer dem Gruef ewech néiergaangen as. Duergéint gouf awer bestänneg vun der enger op déi aner Säit geschoss, mam Gewier a mam Maschinnegewier. Mat engem Däitschen aus Ostpreisen hat de Leo d'MG ze bedéngen. Mä all Kéier, wa mam MG geschoss gin as, dann huet déi aner Säit geäntwert, well déi jo dann d'Positioun vum däitschen MG ganz einfach feststelle konnt. Well dat also esou schrecklech geféierlech war, huet den Zaldot aus Ostpreisen de Leo, fir hien ze verschounen, dervun ofgehalen, mam MG ze schéissen. Hien huet dat, wann et eben huet misse sin, selwer gemat. Fir awer e grousse Munitiounsverbrauch virzetäuschen, huet de selwechten Däitsche ganz Munitiounskëschten einfach iwwer de Gruef ewech geschmass. De Leo hat duerfir natiirlech och e ganz gutt Verhältnes mat dësem Komerod.

Enges Daags, géint 11 Auer owes, as awer eng russesch Gewiergranat am Leo séngem Gruef geplatzt. De Leo gouf duurch Splitter um ganze Kierper uerg verwonnt. Hien huet de Gust Steffen ëm Hëllef geruff. Deen huet derfir gesuergt, datt e Sanitäter no him gekuckt huet. Géint Mëtternuecht gouf de Leo op e Ponniweenche getässelt an no

hanne bruecht. Déi nächst Etapp war e Lazarett zu Riga, wou hien den 22. Juli 1943 ukomm as, a wou och d'Wandleis dra gehaust an de verwonnten Zaldoten nuets vill Misär gemat hun. Et as iwwregens, nodeems de Leo an dëst Lazarett ageliwwert gi war, an den nächsten Deg nach ganz vill weideren Zougank komm. D'Russen haten nämlech déi däitsch Stellunge viru Leningrad iwwerrannt an d'Preise kilometerwäit zréckgeworf. Dobäi as och de Gust Steffen, nëmmen een Dag nom Leo sénge Verletzungen, vun enger Granat déidlech verwonnt gin.

Den 2. August 1943 gouf de Leo aus dem Lazarett entlooss a koum erëm un d'Front, d.h. an de Stellungskrich bei Leningrad. Wéi him do vu séngem Hauptmann – Weiss huet hie geheescht – d'„Verwundetenabzeichen" iwwerreecht gin as, huet de Leo d'Geleënheet mam Schlapp geholl, fir sech „Erholungsurlaub" ze froen. Den Hauptmann hat Bedenken: Hien dierft eigentlech de Lëtzebuerger keen Urlaub méi gin, well déi kéimen duerno jo nët méi erëm bei hir Trupp. Hien huet de gewënschten Urlaub um Enn awer dach accordéiert an dobäi esouguer ze verstoe gin, wann de Leo nët méi wëllt erëmkommen, da wär hien him duerfir awer guer nët béis.

Sou krut de Leo am Oktober 1943 Urlaub fir heem. Um Kiirmessonndeg hätt hien duerno den Zuch a Richtung russesch Front erëm missen huelen. Hien huet sech den Dag awer op de Velo gesat an as dermat an de Minett gefuer. Zu Betebuerg huet hien eng Stopp font, wou hien allerdéngs nëmme bis zum 23. Januar 1944 bleiwe konnt. Wéi nämlech e puer Haus méi wäit ewéi dem Leo séng Stopp en anere Refraktär vun de Preisen erwëscht gi war, huet hien et virgezun, säi Leër ze wiesselen. Hien huet sech erëm op säi Velo gesat an as nuets iwwer Kockelscheier a Lëtzebuerg-Stad heem bei séng Elteren op Bärel gefuer, wou hie géint 2 Auer an der Nuecht ukomm as.

Trotz aller Virsiicht war et wahrscheinlech awer nët méiglech, dem Leo séng Präsenz a séngem Hemechtshaus komplett ze vertuschen. Opfalend war z. B. datt en däitsche Gendaarm, deen all Mueres an d'Haus Brisbois koum, fir Stoffi – „Klatschkäse" huet hien e genannt – z'iessen, sech vun do un nët méi am Haus gewisen huet, méiglecherweis no der Devis „was ich nicht weiß, macht mich nicht heiß". De Leo war vläicht och e bësse king gin. Wéi hien eemol an der Mëttesstonn hannert dem Haus d'Schroutmillen ugekéiert huet, während séng Leit um Mëttesdësch souzen, war hie vun engem Bäreler Bouf erbléckst gin, deen duerno gläich fortgelaf as. De Leo huet der Saach dun nët méi esou richteg getraut an huet sech en etlech Deg emol an engem Nascht an



engem Bëschgruef „um Hieselter" verstoppt gehalen. Vun do aus hat hien eng gutt Siicht iwwer Bärel, Walfer an Helsëm. Hien huet och vun der Opmierksamkeet vum Här Panow séngem Hond profitéiert, dee gläich gemellt huet, esou bal wéi e frieme Mënsch sech an dëser Géigend gewisen huet.

Wéi alles roueg bliwwen as, as de Leo erëm heem an d'Haus gaang. Do blouf hien nët méi laang eleng. D'Resistenzler hun nach weider Refraktären an d'Haus Brisbois bruecht, an um Enn waren si zu véier. Si hu sech dun och e regelrechte Bunker an der Scheier vum Haus ageriicht. Déi véier verstoppte Kaschtgänger ze ravitailléieren, war nët esou einfach. Vill Leit hun dobäi gehollef. Fleesch z. B. koum ënner anerem vun engem Haff bei Miedernach, mä och am Haus Brisbois selwer gouf dack „schwaarz" geschluecht. D'Zesummeliewen an der Stopp war och nët ouni Problem, zemools well ee vun de véier Refraktären duurch séng iwwerdriwwen Ängschtlechkeet si alleguer méi ewéi eemol an eng brenzlech Situatioun bruecht huet.

Trotz alle Schwiregketen as dëse Grupp bis zur Liberatioun, den 10. September 1944, zesummebliwwen. D'Liberatioun selwer hu si am Briddeler Bierg, no beim Juegdschlass, erlieft. D'Amerikaner si scho mat hire Panzer de Briddeler Bierg erofgefuer, an de Leo a séng Komeroden hun hinne fréndlech zougewénkt, dun hun d'Preisen nach déi Walfer Bréck gesprengt. De Leo huet dat alles mat egenen Ae gesin. Hien as dun heem an d'Haus gelaf – wou duurch de Loftdrock vun der Sprengung all Diren aus de Lächer geflu waren –, fir säi preisescht Militärgewier ze huelen. Mam Gewier um Bockel, allerdéngs ouni Munitioun, as hien iwwer d'Gemeiesch vun der gesprengter Uelzechtbréck geklomm an huet sech an der Walfer Märei gemellt, fir bei weidere Missiounen am Zesummenhank mat der Liberatioun matzewiirken.

Um Leo séng Krichsodyssee, déi domat jo eriwwer war, erënnert awer nach eng Muttergottesstatu an enger Nisch an der Fassad vum Niewegebei vum Haus Brisbois an der Bourgaass. Wéi de Leo bei Leningrad am Gruef loug, hat hie sech virgeholl, esou eng Muttergottesstatu doheem opzestellen, wann hien de Krich géif iwwerliewen. Dëst Verspriechen huet hien also och agehalen.

* * *

De **Robert Geisen,** Joergank 1924, gouf am Februar 1943 an den RAD (Reichsarbeitsdienst) agezun. Dräi Méint laang loug hie mat villen anere Lëtzebuerger, Elsass-Lottrénger an Däitschen zu Zichlyn (bei




*RAD-Männer am Asaz*

Kutno) a Polen, wou d'Haaptaktivitéit vu sénger Unitéit dra bestanen huet, en neit RAD-Lager, hiirt egent, opzebauen. An dëser relativ kuurzer Zäit hat de Roby awer schons en ongewéinlecht Erliefnes, un dat hien sech och haut nach ëmmer gären erënnert.

Si waren do zu dräi Lëtzebuerger, déi sech ganz gutt ënnerenee verstanen hun an déi och ëmmer zesummen erausgaange sin, wann si déngschtfräi waren. De Roby war en äifregen Hobbyphotograph, a fir sech Photomaterial ze beschafen, koume si dack an d'Haus vun engem polnesche Photograph, en Haus, dat zimlech isoléiert loug. Sou koumen si och no an no mateneen an d'Gespréich, a wéi den Här vum Haus bis erausfond hat, datt eis dräi RAD-Leit brav a patriotesch Lëtzebuerger waren, déi déi brong Uniform mam Hakekräiz nëmme gezwongenerweis gedroen hun, du goufe si am enke Krees vun dëser polnescher Famill opgeholl. Problemer, fir sech mateneen ze verstännegen, gouf et keng, well den Här huet ganz gutt däitsch geschwat an d'Fra grad esou gutt franséisch. Vun elo u koumen déi dräi jonk Lëtzebuerger regelméisseg samschdes a sonndes an d'Haus vun hiren neie Frënn an hun hir fräi Zäit zesumme mat hinne verbruecht. Op Uweisung vum Patron si si nët zur viischter Dir erakomm, ma si hun di hënnescht Entrée vum Haus benotzt.

Nun hate si eemol awer schons donneschdes fräi a wéi si och dun, ouni sech unzemellen, vun hannen eran an d'Wunnéng vun hire





*Dës Photo vun den dräi Lëtzebuerger RAD-Leit (1. op der rietser Säit: Roby Geisen) huet hire polnesche Frënd a Photograph gemaach*

polnesche Frënn koumen, souz do de Photograph mat zwéi jonken anere Maansleit, déi, wéi si déi preisech Uniformen erbléckst hun, sou séier wéi de Blëtz vun der Bildfläch verschwonne sin. Nodeems de polnesche Photograph sech iwwerzeegt hat, datt et sech bei dësem onerwaarte Besuch nëmmen ëm séng Frënn vu Lëtzebuerg gehandelt huet, huet hien och déi zwéin aner zréckgeruff an hinne bäibruecht, datt si vun de Lëtzebuerger näischt ze fäerten hätten. Datt dës zwéin Onbekannter polnesch Resistenzler waren, an datt och de Photograph en aktive Resistenzler war, hun de Roby a séng zwéi Komerode spéitstens dun erfuer, wéi hir RAD-Zäit eriwwer war a si entlooss sollte gin.

Si hate schon erëm Zivilkleder un, wéi si – obschons si d'Lager nët méi hätten däerfe verloossen – sech nach eng Kéier an d'Haus vun hire polnesche Frënn geschlach hun, fir hinnen „äddi" ze soen. Do gouf hinnen nämlech proposéiert, nët méi zréck an d'Lager ze goen an am polneschen Ënnergrond ze verschwannen. Eis dräi jonk Lëtzebuerger hun awer demools drop gehofft, nom „Arbeitsdienst" fir eng länger Zäit emol erëm an hir Hemecht zréckzekommen, ir si da spéider e Stellungsbefehl fir d'Wehrmacht ze erwaarden hätten. Si konnten sech dofir och nët fir d'Propositioun vun hire gudde Frënn entscheden. Wéi et dann




*De Roby Geisen zu Gorodok a Russland. Bis op Nevel as et nët méi wäit.*



*De Roby Geisen mat russesche Fraleit um Wee fir op d'Fruuchtfelder*



dono esou wäit war, datt si – erëm op heemleche Weër – an d'Lager zréckgoe sollten, koum dem Photograph séng Fra aus dem Gaart an huet jiddferengem vun eisen dräi Lëtzebuerger nach e Bucki mat rout-wäiss-bloe Blummen an d'Hänn gedréckt.

Den Urlaub doheem sollt awer nëmme vu ganz kuurzer Dauer sin. No zwou Woche scho koum de gefaarte „Stellungsbefehl". De Roby gouf also an d'Wehrmacht agezun a krut fir d'éischt emol bei Potsdam eng sougenannte militäresch „Schnellausbildung". Iwwer e puer aner Militärlager, woubäi hien och kuurz mat engem anere Walfer, dem Jean Neiseler, zesumme war, as hien zu Gorodok bei Witebsk am Mëttelabschnitt vun der Ostfront ukomm, wou dann d'Ausbildung sollt perfektionnéiert gin. Dem Roby séng Kompanie huet haaptsächlech aus Lëtzebuerger an Elsass-Lottrénger bestanen, knaps en Drëttel waren Däitscher. Am selwechte Bataljioun wéi de Roby waren ënner anerem och déi zwéi Bäreler Jongen Marcel Nilles a René Wilhelmy, déi leider spéider a Russland gefall sin.

An hirer Ausbildungszäit goufen déi jonk Rekruten och agesat, fir mat russesche Fraleit d'Fruucht op de Felder ze méien. Déi russesch Männer waren zum gudden Deel bei de Partisanen an de grousse Bëscher ronderëm dës Felder. De Roby erënnert sech drun, datt nuets ëmmer e russeschen Doppeldeckerfliger bei de Partisane geland as. Duerno hu si ongeféier 40 km vu Witebsk ewech eng nei „Auffangstellung" gebaut, well grad zu där Zäit d'Preisen am Gaang waren, virun der Rouder Arméi zréckzegoën. Déi nei Stellung war nach knapps fäerdeg, an dem Roby séng Unitéit loug nach selwer dran, du gouf si enges Daags och schons vun däitsche Fronttruppe besat. Dorënner war och en Ënneroffizéier, dee sech driwwer gewonnert huet, datt hien ënner jonk Leit an däitscher Uniform gerode war, déi eng ganz aner Sprooch wéi Däitsch geschwat hun. Wéi hien héieren huet, datt dat zu engem gudden Deel Lëtzebuerger wiren, frot hien: „Ist vielleicht zufällig jemand aus Walferdingen dabei?". De Roby duecht, ganz verwonnert: „A wat heescht dat do?", ma en huet sech alt emol gemellt. Beim weidere Gespréich huet et sech dun erausgestallt, datt dem däitschen Ënneroffizéier séng Elteren zu Walfer gewunnt hun, op der Dikrecher Strooss, am Haus vum Gemengesekretär Mousel, dee mat sénger Famill vun de Preisen ëmgesidelt gi war. De Roby krut du vum Ënneroffizéier den Opdrag, bei engem nächsten Urlaub doheem séngen Elteren e Grouss vun hirem Jong auszeriichten. Wéi de Roby spéider dann tatsächlech esou en Urlaub krut, dun as en an d'Haus Mousel gaang, fir denen neien Awunner aus Däitschland de bestallte Grouss och auszeriichten. Dës Leit waren awer ganz niddergе-

schloen, d'Mamm war a Schwaarz gekleet: si hate virun e puer Deg eréischt d'Noriicht kritt, datt hire Jong a Russland gefall wir.

Wéi séng Unitéit (ëmmer nach nëmmen an der Ausbildung) agesat gi war, fir eng Eisebunnslinn bei Witebsk virun de Partisaneniwwerfäll ze bewaachen, dunn huet de Roby – et war am November 1943 – eng schwéier Drüsevereterung un der Schëller erwëscht. Hie koum an d'Lazarett de selwechten Dag, wou séng Komerode fir de Frontasaz zesummegestallt gi sin. Ma och d'Lazarett war eng grouss Aventür. D'Lazarett war nämlech am Gaang anzepaken, well d'Russe bei Nevel duurchgestouss waren, an d'Preisen zréckgaange sin. Nach am leschten Ament gouf de Roby nuets ënner primitivste Konditiounen operéiert an du mat enger JU 52 ca. 600/700 km wäit zréck an e Lazarett op der russesch-polnescher Grenz bruecht. Zwou Woche méi spéit koum hien dann an en „Erholungslazarett" op Spindelmühl am Riesengebirge. Vun do aus huet hie sénge beschte Komeroden, déi hien un der russescher Front zréckgelooss hat, geschriwwen, ma déi meescht vu sénge Bréiwer koumen erëm mat der Bemierkung „Gefallen für Führer, Volk und Vaterland".

No engem uschléissenden Urlaub doheem koum de Roby an eng „Genesungskompanie" zu Oldenburg, wou hien haaptsächlech a séngem Beruff als Coiffeur agesat gin as. Datselwecht war séng wichtegste Beschäftegung och nach während sechs Méint an enger „Marschkompanie" vum „Grenadier-Ersatzbataillon 489", wou fréier Luftwaffenzaldoten zu Infanteristen ëmgeschoult gi sin. Mä duerno koum, am August September 1944, um Enn dach nach de Frontasaz a Polen, wou dem Roby séng nei Unitéit staark matgeholl gin as: wéi d'Russen e Bréckekapp iwwer d'Weichsel geschloen hun, bloufen no véier Deg vu 67 Mann nach knaps eng Dosen iwwreg, dorënner dräi Lëtzebuerger.

Vun do aus gouf dem Roby säi Regiment op Gobice, an d'Tatrabierger, verluegt, fir do nei Stellongen ze bezéien. Hei hun d'Russen an de Wantermeint 1944/45, an héigem Schnéi a bei batterer Keelt, de Preisen den Damp esou waarm gemat, datt dës sech an d'Tschechoslowakei ofgesat hun a bestänneg hu missen zréckgoen. Als „MG-Schütze"gouf de Roby bei Mährisch-Ostrau an enger Véierelstonn zweemol hanneree verwont: eng Kéier un der Broscht an eng Kéier un engem Aarm. Dat huet dann erëm zu engem Lazarettopenthalt zu Neustitzheim geféiert, ma nëmmen dräi Woche méi spéit huet de Roby, mat enger etreger Wonn, ewell nees no vir un d'Front misse récken.





*Dräi Walfer Zwangsrekrutéiert am „Urlaub" doheem: Nicolas Steffen, Emile Lamesch a Roby Geisen (vu lénks no riets)*

De Krich as awer ëmmer méi séier zu Enn gaangen, an zu Kolin as de Roby leschten Enns der tschechescher Miliz an d'Gräpp gelaf. Nieft séngem däitsche „Wehrpass" hat hien och nach séng Lëtzebuerger Identitéitskaart an e Stéckelche vun engem rout-wäiss-bloe Bändchen (dat hien sech a séng preisesch Uniform agebutt hat), fir sech als Lëtzebuerger kënnen auszeweisen. E jonke Student, dee ganz gutt däitsch a franséisch geschwat huet, huet him dobäi vill gehollef. Wéi séng Nationalitéit a seng Situatioun bis erkannt waren, gouf de Roby a Richtung Westen entlooss.

No verschidde weideren, ganz abenteuerlechen Etappen, goung et zugudderlescht mam Zuch iwwer Diddenhuewen op Lëtzebuerg, wou de Roby um Péngschtsamschdegowend 1945 ukomm as. An der selwechter Voiture (déi lescht vun engem Eisebunnszuch, an deem soss nëmme Belscher dra waren) souzen, nieft Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten an RAD-Medercher, och nach e puer Lëtzebuerger Kazettler an en etlech Gielemännercher, déi als sollech awer eréischt zu Diddenhuewen erkannt gi waren. Vun do u goufen dës Gielemännercher vun de Kazettler streng bewaacht an zu Lëtzebuerg op der Gar der Poliss iwwergin, déi do schon op si gewaart huet.

Op der Gar as de Roby zoufälleg op e Komerod vun Dummeldéng gestouss, deen sech offréiert huet, hien, no séngem Déngscht, op der Staang vu séngem Velo bis op Dummeldéng matzehuelen. Zu Dummeldéng huet dëse Komerod him säi Velo gelooss, an de Roby as iwwer d'Beggener Strooss op Walfer pedaléiert, wou hien da spéit owes bei séngen iwwerraschten, mä dach iwwerglécklechen Elteren ukomm as.

* * *

Nodeems de **Pitt Halsdorf** (Joergank 1923 a vu Beruff Schlässer op der Eisebunn) scho vum August 1941 bis de Februar 1943 vun de Preisen op Ehrang bei Tréier „dienstverpflicht" gi war, gouf hien den 11. Februar 1943 an den RAD agezun. Séng RAD-Zäit, zu Wollstein am sougenannte „Warthegau", huet knapp dräi Méint gedauert. An där Zäit war hie beim Stroossebau agesat. Hien erënnert sech awer och drun, datt si eng Kéier hu missen hëllefen d'Bëscher ze duurchkämmen, well englesch Offizéier aus engem Krichsgefaangelager ausgebrach waren. Dës englesch Offizéier haten hir Flucht awer esou gutt virbereet, datt kee vun hinne vun de Preisen erëm agefaange gouf. Eng gutt Erënnerung huet de Pitt un den „Unterfeldmeister" Schlich, ee vun de wéinege Cheffen, deen zum Naziregime op Distanz gaangen as a méi drëm besuergt war, datt séng RAD-Männer – an och hie selwer – genuch z'iessen haten, as wéi datt si sech fir d'Preise geschannt hätten. Zesumme mam Pitt war och nach den Nicolas Kayser vu Walfer an dësem RAD-Lager; hie gouf wéinst Krankheet awer vir der Zäit schon entlooss. Et waren iwwregens zu där Zäit relativ vill Lëtzebuerger zu Wollstein. D'Komerodschaft ënner hinne war grouss, an dat huet hinne vill gehollef, den ongewinnte preiseschen Drill ze iwwerstoen. Sou hun si och en Orchester aus elauter Lëtzebuerger zesummegestallt an op der Maartplaz vu Wollstein eemol d'„Dicksiana" opgeféiert.

De Pitt Halsdorf konnt no sénger Entloossung aus dem RAD jhust nëmmen eng Woch doheem verbréngen, du koum och schon d'Aberuffung fir d'Wehrmacht. Dat war den 10. Mee 1943. Zu Wismar (Mecklenburg) gouf hien agekleet an do krut hien och di éischt militäresch Ausbildung. No nëmmen enger Woch goung et virun op Wreschen, an domat war de Pitt schon nees an deem Warthegau, deen hie während sénger RAD-Zäit scho kennegeléiert hat. Hei gouf hien als Infanterist ausgebilt a sollt dat schwéiert Maschinnegewier (SMG) bedéngen. Als geléierte Schlässer as hien um Enn awer mat nach engem anere Lëtzebuerger an der „Waffenmeisterei" gelant. Wann hien Ausgank hat, as de Pitt och alt emol mat sénge Komeroden an e polnesche Café-





*Fënnef jonk Lëtzebuerger an der Uniform vun der preisescher Arméi (riets: Pitt Halsdorf)*




*Bei der Feldkichen (an der Mëtt: Pitt Halsdorf)*

Restaurant gaangen an huet do um Piano gespillt. Et versteet sech wuel vum selwen, datt hien dann och dack Lëtzebuerger Melodie gespillt huet, hei and do esouguer och d'„Marseillaise", ouni datt d'Preisen dat esou richteg matkrit hun. Ma déi polnesch Garçônën aus dem Etablissement haten du séier spatz, mat wiem si et do ze din haten, a si hun dem Pitt e sëlleche vun dene Greueltate verzielt, déi d'Preise sech 1939 an dëser Géigend geleescht haten.

No dräi Méint Ausbildung krut de Pitt e puer Wochen Urlaub (Oktober 1943). Fir op der Rees op Lëtzebuerg nët ze vill Zäit ze verléieren, hat hien et riskéiert, an en D-Zuch ze klammen, obschons hien duerfir keng Erlaabnes hat. Hien as och prompt vun der „Feldgendarmerie" erwëscht gin. Wéi en nom Urlaub an der Kasär vu Wreschen erëm ukoum, gouf hie fir dat Verbrieche bestrooft: dräi Deg liichten Arrest an dem Hitler säi berüchtegt Wierk „Mein Kampf" als Flichtlektür. Säi Chef, de Majouer Schulte, en eleren Offizéier, dee schon den 1. Weltkrich matgemaach hat an deen sech als Mënsch aussergewéinlech korrekt beholl huet, huet sech beim Pitt förmlech derfir entschëllegt, datt hien him déi Strof misst operleën. Wéi déi dräi Deg bis ofgesiess waren, goung et virun mat der Ausbildung: Gewaltmärsch a Strizen um lafende Band.

Kuurz nom 1. Januar 1944 gouf de Pitt als eenzege vu sénger Unitéit op Stettin ofkommandéiert. Hei as e Batailjoun zesummegestallt gin, dat an Italien agesat sollt gin. Sou koum de Pitt da bei déi 94. Infanteriedivisioun an Italien. No e puer Deg Openthalt bei Verona goung et, deels mat Camiônën, deels zu Fouss, dann och un d'Front, an der Géigend vu Monte Cassino, wou de Pitt esouzesoen all Dag Schlëmmes erlieft a batter Doudesangscht ausgestanen huet. Si louche bestänneg ënner staarkem amerikaneschem Beschoss. Duerzou koumen nach d'Attacken aus der Loft, géint déi d'Preisen sech absolut nët méi wiere konnten; si hate guer keng Aviatioun méi. Dobäi gouf de Pitt dann och verwonnt. Hien huet Granatsplitteren an den Arem erwëscht. Ausser enger kuurzer ambulanter Behandlung huet sech doduurch awer näischt um Pitt séngem weidere Frontasaz geännert.

Den 13. Mee hat de Pitt es genuch. Hien as nuets de Preisen ugeblockt an as bei d'Amerikaner iwwergelaf. Ongeféierlech war dat nët, well hien huet missen iwwer e gréissert Stéck „Niemandsland" lafen, an d'Preisen hun him nach en etlech Gewierkugele nogejot, déi glécklecherweis awer nët getraff hun. D'Amerikaner hun hien an e Privathaus geféiert, wou hien den anere Mueren an d'Verhéier geholl gin as. Hien



huet hinnen natiirlech alles gesot, wat hie vun de preisesche Stellonge wousst, ma hien huet séier feststelle kënnen, datt d'Amerikaner doriwwer vläicht nach besser am Bild ware wéi hie selwer.

De Pitt gouf duerno an e grousst Gefaangelager op Neapel bruecht, wou hien ënner elauter Däitschen den eenzege Lëtzebuerger war. Séng beschten Erënnerung un dëst Lager as dat gutt Iessen, dat si do zervéiert kruten. No dene villen Entbierungen an dem ongewéinlech more Kascht bei der preisescher Arméi war dat heiten eppes ewéi e Schlaraffeland. An dësem Lager zu Neapel huet de Pitt ongeféier e Mount verbruecht. Du goufen si enges Daags an den Hafen transportéiert, begleet vun italiéineschen Zivilisten, déi déi däitsch Zaldoten bespaut a mat Steng beworf hun. Si koumen op e grousst Schëff an dräi Deg méi spéit sin si zu Oran an Algerien an engem Gefaangelager ukomm, dat vun Italiéiner aus dem Marschall Badoglio séngen Arméie bewaacht gouf. Dës Italiéiner hun dack nuets mutwëllegerweis an d'Lager erageschoss. Vill Gefaangener sin hei krank gin, virun allem déi däitsch Zaldoten, déi aus Russland komm sin; si hun hei d'Ruhr erwëscht. De Pitt selwer krut mat enger schwéierer Angine ze din. Hien huet hei och nach e puer aner Lëtzebuerger ugetraff, mä déi si vun engem Dag op deen aneren op eemol verschwonne gewiescht. De Pitt weess haut nach nët, wat mat hinne geschitt as, hien denkt sech awer, datt d'Fransousen si aus dem Lager erausgeholl hun.

Ongeféier dräi Woche méi spéit goung et zu Fouss bis op eng Gar a vun do aus während dräi Deg mam Zuch duurch d'Wüst bis op Casablanca. Hei gouf ageschëfft, an no enger Schëffsrees vu 16 Deg iwwer den Atlantik koum de Pitt enges Daags am August zu Norfolk am Staat Virginia an den USA un. Datt hien eng Kéier säi Fouss op dëse frieme Kontinent géif setzen, hat hien sech a sénge kéngsten Dreem bis elo nach nët erwaart gehat. Allerdéngs waren awer d'Emstänn vun dëser ongewolltener Amerikarees esou, datt hien duerop gär verzicht hätt.

No enger Entlausung zu Norfolk selwer an no enger uschléissender Zuchrees vun dräi Deg an dräi Nuechten as dëse Gefaangenentransport am „Camp Gruber" zu Oklahoma ukomm, wou de Pitt bis Februar 1945 bliwwen as. Hie war hei alt nees eng Kéier den eenzege Lëtzebuerger. Am Februar 1945 gouf hien an de „Camp Buttner" verluegt. Do huet hien nach zwéin aner Lëtzebuerger ugetraff, déi do an der Bäckerei geschafft hun. De Pitt gouf als Schlässer an der Garage beschäftegt.

Ee vum Pitt sénge neie Komeroden, e Jong vu Biissen, hat am Kolléisch stodéiert a konnt duerfir och gutt Englesch. Dëse koum op

eemol op d'Iddi, fir an engem Bréif un d'Haaptquartéier vun der 8. amerikanescher Arméi zu Dallas d'amerikanesch Militärautoritéiten op déi besonnesch Situatioun vun de Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten opmierksam ze maachen. Dräi Woche méi spéit goufen si opgeruff a krute gesot: elo geet et heem. Si goufen op e Camion gelueden an iwwer Arkansas bis ënnen erof an de Staat Louisiana bruecht, wou si an engem Camp vun Arméizelter sech zwou Woche laang gelangweilt hun, well si iwwerhaapt keng Beschäftegung haten. Si hun allerdéngs do nach e véierte Lëtzebuerger ugetraff: de Félix Poiré vum Sennéngerbierg.

Um Enn sin dunn awer e puer Leit vun enger Lëtzebuerger Militärmissioun a Begledung vun engem Mêmber vun der Lëtzebuerger Ambassad vu Washington do agetraff. Si haten d'Pabeiere vun eise véier Lëtzebuerger an hun se mat denen hiren egene Pabeiere verglach. Et war alles an der Rei, an duerno goung et du relativ schëtzeg: Transport op Boston, kuurzen Openthalt an engem verloossenen Amicamp, schwéier Erkältung vum Pitt, 1. Dezember Aschëffung zu Boston, 10. Dezember Ausschëffung zu Le Havre, Transport mam Bus vu Le Havre bis Lëtzebuerg, Sonndeg, 16. Dezember 1945 Arrivée op der Gar zu Lëtzebuerg.

De Pitt war erëm doheem, glécklech, datt en dat alles endlech iwwerstanen hat an datt säi Liewen elo en neien Ufank huele konnt. Ma all déi Strapazen, déi en duurchgestanen hat, hun e fir d'éischt emol dräi Woche laang doheem un d'Bett geneelt. Wéi leschten Enns och dat iwwerwonne war . . . as de Pitt erëm op d'Eisebunn schaffe gaangen.

* * *

*Esou wéi dës Krichserliefnesser beschriwwe gi sin, esou hun ech se geschildert kritt am Verlaf vun engem längere Gespréich mat jiddferengem vun dene betraffene Walfer Zwangsrekrutéierten. Si hun dës Texter och nogekuckt a se korrigéiert oder ergänzt, wou dat néideg war. Dës Texter sin also d'Resultat vun enger enker Kollaboratioun. Ech soen denen dräi Leit merci fir dës gutt Zesummenaarbecht. Den Norbert Zeches huet all dës Texter a puncto Lëtzebuerger Schreifweis iwwerpréift a verbessert. E ganz grousse Merci duerfir och fir hien.*

*N. F.*